

seigne commerciale fir Privatpersounen hiren Numm an hire Virnumm an eventuell déi kommerziell oder publicitaire Beschreiwung.

D'Enseigne commerciale vun zwou physesche Persounen muss verschidde sinn, egal wou se hire Commerce am Land ausüben. Do ware Froen opkomm, ob et elo verbuede wier, fir zum Beispill en Hôtel du Parc oder e Café du Commerce kënnen opzemaachen. D'Enseigne commerciale ass awer net Hôtel du Parc oder Café du Commerce oder de la Gare oder wéi och ëmmer, mä den Numm an de Virnumm vum Bedreier plus den Term Hôtel du Parc oder Café du Commerce. Also geet d'Enseigne commerciale méi wäit, wéi just d'Beschreiwung oder den Numm vum Commerce, an dofir ass d'Méiglechkeet oder de Risiko, datt zwou Enseignes commerciales hoergenee identesch ausfalen, bal auszeschléissen.

Zweetens, d'Chambre des Notaires huet eng berechtegt Fro opgeworf: Wat geschitt mat Dokumenter, zum Beispill Beschlëss vun enger Gesellschaft, déi net mussen dem Gesetz no beim Handelsregister hannerluecht ginn, mä wou d'Gesellschaft déi awer wëllt hannerleeën, zum Beispill fir Drëttpersounen ze informéieren? Zum Beispill, wann eng Gesellschaft liquidéiert gëtt, muss dee Schloss beim Handelsregister hannerluecht ginn. Dat steet am Gesetz. Mä wann awer d'Gesellschaft, d'Aktionäre vun där Gesellschaft decidéieren, dës Liquidatioun zrëckzezéien, réckgäנגeg ze maachen, da muss dat net beim Handelsregister hannerluecht ginn.

Do hat den Handelsregister an enger bestëmmter Affär gesot, dat wëll ech net unhuelen, well et net am Gesetz steet. Dat ass jo net ganz glécklech, well Drëttpersounen, déi dann den Dossier beim Handelsregister consultéieren ginn, nach ëmmer gesinn, datt déi Gesellschaft a Liquidatioun ass, obwuel dat net méi stëmmt.

Gott sei Dank huet d'Gericht där Gesellschaft awer Recht ginn a gesot: Déi Décisioun, wou d'Liquidatioun muss zrëckgezu ginn, réckgäנגeg gemaach gëtt, muss och kënnen hannerluecht ginn. Mä et hätt een net misse bis op d'Gericht goen, fir dës Evidencede confirméieren ze loossen. E Règlement grand-ducal gëtt dofir ausgeschafft, fir datt esou Fäll net stattfannen. Pragmatismus an ech mengen eng gesond Dosis vu Flexibilitéit mussen an dee Règlement grand-ducal afléissen.

Den Handelsregister - dat muss een och eng kéier soen - soll net d'Legalitéit vun den Dokumenter, déi mussen hannerluecht ginn, kontrolléieren. Den Handelsregister muss och d'Opportunitéit vun zousätzlechen Dokumenter, déi net am Gesetz virgesi sinn, net kontrolléieren.

Leschte Punkt: d'Signature électronique. Den Handelsregister huet sech mat LuxTrust zesummegeedinn, a LuxTrust kann dem Handelsregister eng Signature électronique qualifiée bezeien. Hei hu mer dem Statsrot seng Proposition de texte iwwerholl, obwuel mer heimadder méi wäit gi wéi déi Direktiv, déi mer elo ëmzesetzen.

Den Handelsregister huet also eng Signature électronique qualifiée, déi d'Unerkennung vun den Dokumenter, déi vum Handelsregister kommen, ouni Problem soll erméiglechen, a besonnesch am Ausland.

Weider Detailer, Här President, Dir Dammen an Dir Hären, fannt Der am schrëftleche Bericht an am Exposé des motifs vun der Regierung. De Rapport gouf leschte Mëttwoch unanime an der Kommissioun ugeholl, an ech géif den Accord och vun der CSV-Fraktioun ginn.

Ech soen lech Merci.

» Plusieus voix.- Très bien!

» M. le Président.- Merci, Här Santer. Wann déi aner Fraktiounen mat den Ausféierungen d'accord...

(Brouhaha général et interruption)

Jo, wa sech alles berouegt huet, dann huet den Här Minister d'Wuert gefrot.

» M. Luc Frieden, Ministre de la Justice.- Här President, ganz kuerz, dee Projet de loi, dee kléngt hei ganz technesch, mä dat ass en fait eng wichteg Verwaltungsre-

form, well et an Etappen de Registre de commerce moderniséiert huet.

An duerfir géif ech gären, och wéinst der perséinlecher Liewensplanung vum Här Rapporteur am Numm vun der Regierung a besonnesch als Justizminister, dem Patrick Santer villmools Merci soe fir déi exzeptionell Aarbecht. Déi, déi hie kennen, wëssen, datt dat, wat en hei gemaach huet, en fait just dat ass, wat en honnert Mol virdru gemaach huet. Déi parlamentaresch juristesche Aarbecht, déi en hei erëm eng kéier bewisen huet, déi ass exzeptionell, an duerfir géif ech hei stellvertriedend bei dësem Projet fir vill vun deene Projetë virdrun him Merci soen. Et ass eng Aarbecht, un där sech anerer kënnen inspiréieren.

Merci.

» Plusieus voix.- Très bien!

» M. le Président.- Merci, Här Minister. Mir kommen zur Ofstëmmung vun dësem Projet de loi.

Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel

De Projet de loi ass eestëmmeg ugeholl mat 59 Jo-Stëmmen.

Ont voté oui: Mmes Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, M. Lucien Clement, Mmes Christine Doerner, Marie-Josée Frank, Fabienne Gaul, MM. Marcel Glesener, Norbert Haupert (par M. Marco Schank), Mme Françoise Hetto-Gaasch, MM. Ali Kaes, Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Patrick Santer, Marcel Sauber, Jean-Paul Schaaf, Marco Schank, Marc Spautz, Mme Martine Stein-Mergen, MM. Fred Sunnen, Lucien Thiel (par Mme Martine Stein-Mergen), Lucien Weiler et Michel Wolter;

MM. Marc Angel, Alex Bodry, John Castegnaro, Mme Claudia Dall'Agnol, M. Fernand Diederich, Mme Lydie Err, MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein (par M. Roger Negri), Mme Lydia Mutsch, M. Roger Negri, Jos Scheuer, Romain Schneider, Roland Schreiner (par M. John Castegnaro) et Mme Vera Spautz (par M. Alex Bodry);

MM. Eugène Berger, Xavier Bettel, Mme Anne Brasseur (par M. Xavier Bettel), M. Fernand Etgen, Mme Colette Flesch, MM. Charles Goerens, Paul Helminger (par M. Claude Meisch), Alexandre Krieps, Claude Meisch et Carlo Wagner;

MM. Claude Adam, François Bausch, Félix Braz, Camille Gira, Jean Huss (par Mme Viviane Loschetter), Henri Kox et Mme Viviane Loschetter;

MM. Gast Gibéryen, Jacques-Yves Henckes, Jean-Pierre Koepp et Robert Mehlen.

Gëtt d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Et ass also esou decidéiert.

Mir kommen dann zum leschte Punkt vun eise Ordre du jour vun haut, dem Projet de loi iwwert d'Représentations cinématographiques publiques.

Opgrond vu senger Liewensplanung ass dat dee leschte Rapport, deen den honorbelen Här Santer probablen an dëser Chamber hei mécht.

» Une voix.- Et soll een ni ni soen!

» M. le Président.- Duerfir ginn ech him d'Wuert.

8. 5734 - Projet de loi relatif à l'accès aux représentations cinématographiques publiques

Rapport de la Commission de la Fonction publique et de la Réforme administrative, des Media et des Communications

» M. Patrick Santer (CSV), rapporteur.- Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, beim Projet de loi 5734 geet et drëm, den Accès vu Mannerjähreger an öffentlech zougänglech Filmvirféierungen ze regelen.

Et ass evident, datt Mannerjähreger musse viru gewaltverherrlechen an anere pornographesche Filmer geschützt ginn. Zu Lëtzebuerg ass dës Matière duerch e Gesetz vum 13. Juni 1922 geregelt. Well, wéi Der lech dat einfach kënnt virstellen, säit 1922 d'Mentalitéit vun de Leit an d'Filmindustrie sech enorm entwéckelt a verännert hunn, gëtt scho säit laangem dat Gesetz net méi ugewant.

Duerfir hunn d'Kinosbedreier vu sech aus eng Klassifikatioun vun de Filmer gemaach, no där d'Alterskategorië festgeluecht ginn, ënnert där den Accès zu engem Film erlaabt respektiv verbueden ass.

Dëse System, dee vun der fräier Autorégulation, an deen och an anere Länner besteet, ass net deen eenzege System, wéi den Accès vu Mannerjähreger bei Filmvirféierungen ka geregelt ginn.

Doniewent gëtt et déi staatlech oder parastatleche Kontroll, wou de Stat d'Klassifikatioun vun de Filmer virhëlt, an - zweeten anere System - eng Co-régulation. Dëse leschte System, dee vun der Co-régulation, enger Mëschung tëschent staatlecher Kontroll an Autorégulation, iwwerhuele mir mat dësem Projet de loi.

Grondsätzlech wäerten d'Organisateure vu Virféierungen wieder wéi bis elo Filmer a verschidde Kategorië klassifizéieren. Et wäert och nach dobäi eng Kommissioun geschafeginn, déi kontrolléiert, ob déi Klassifikatioun och gerechtfertegt ass. Dës Kommissioun gëtt automatesch saiséiert, wann deesewechte Film vu verschidde Bedreier verschidden agestuft gëtt.

Doniewent kann d'Kommissioun vum Procureur, vum Familljeministère oder vum Ombudscomité fir d'Rechter vum Kand saiséiert ginn. Géint d'Entscheedungen natierlech vun där Kommissioun besteet e Recours en annulation virum Verwaltungsgericht.

Här President, mir hunn an der Kommissioun verschidden Amendementer ugeholl, déi och alleguerte vum Statsrot guttgeheescht goufen.

D'Regierung, éischstens, hat virgesinn, datt am Prinzip den Accès zu de Filmvirféierungen fräi wär, sous Réserve - huet d'Regierung geschriwwen - vun engem méigleche Bezuele vum Entréespräis. Mir hunn d'Referenz vum Entréespräis einfach gestrach. Éischstens ass den Entréespräis net ausschlaggebend. Et geet net dorëms, feststellen, ob en Entréespräis bezuelt gëtt oder net. Et geet dorëms, den Accès vun de Mannerjähreger zu Filmvirféierungen ze regelen. Zweetens wollte mer all Diskussioun verhenneren, ob d'Gesetz sech uwent oder net, wa Filmvirféierung stattfannen, wou keen Entréespräis gefrot gëtt.

Zweet Ännerung, déi mer agereecht hunn: Mir schwätzen elo net méi vum Exploitant, vum Bedreier vun engem Kino, mä vum Organisateur vun enger Filmvirféierung. Dat ass dorop zrëckzeféieren, datt den Term oder d'Terme Bedreier vun engem Kino esou hätte kënnen ausgeluecht ginn, datt d'Gesetz nëmme fir Filmvirféierungen an engem Kino sech hält sollen uwenden. Eben dat wollte mer net.

Filmvirféierungen, déi vun enger A.s.b.l., enger Gemeng, engem Club des jeunes, engem Cinéclub organiséiert ginn, mussen och ënnert dat Gesetz falen. Wat zielt, ass net, wou de Film ausgestrahlt gëtt, mä datt et sech eben ëm eng öffentlech Filmvirféierung handelt.

Déi lescht Ännerung hat mat der Kontroll duerch d'Organisateuren ze dinn. D'Regierung hat virgesinn, dass dës Kontroll do sollt stattfannen, wou de Billjee kaf gëtt. Dat hat Problemer mat sech bruecht, am Fall zum Beispill wou d'Entrée fräi wär - dat heescht, et gëtt jo keng Billjeeën, wann d'Entrée fräi ass -, oder am Fall wou d'Billjeeën iwwer Internet kaaft ginn.

D'Kontroll, esou hu mer awer elo virgesinn, fënnt an der Entrée vum Kino statt, wat och elo schonn de Fall ass, an ech wëll lech soen, dat dee Regime, dee mer elo hunn am Gesetz, sech upasst un déi Méiglechkeeten, un déi Kontrollen, déi elo schonn zu Lëtzebuerg an deene verschiddene Kineo gemaach ginn. Hei geet et net ëm eng Identitéitskontroll. Et geet dorëms ze kontrolléieren, ob déi Persoun, déi wëllt Accès zur Filmvirféierung hunn, och den Alter, deen an der Klassifikatioun steet, huet. Dat kann, dat muss awer net iwwer eng Carte d'identité stattfannen, dat ka par tous les moyens stattfannen, dat kann zum Beispill iwwer eng Studentekaaft oder eng Jumboskaart stattfannen. Eng Identitéitskontroll - dat wësst Der all, duerfir soen ech dat ganz kuerz - dierf nëmme duerch d'Police stattfannen.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, mir wëssen, datt dës Gesetz keen Allheilmittel ass, duerch dat mer Mannerjähreger géint Gewaltverherrlechung oder Pornographie an de Filmer kënnen schützen. Filmer kënnen iwwer Internet erofgeluede ginn, an an deene Fäll ass eng Kontroll schwéier ze organiséieren.

Dat ass awer ëmmer nach laang kee Grond, fir iwwerhaapt näischt op dësem Gebitt ze maachen. Iwwer Gesetzer kann een och net alles errechen.

Ech wëll och, dat hu mer och an der Kommissioun diskutéiert, d'Roll vun den Elteren, vun den Educateuren, vun der Schoul nach eng kéier ënnersträchen, wat d'Education ugeet vu Mannerjähreger, wat hir Sensibilitéit, hir Appréciation vun de Filmer ugeet. Dat, wat an de Filmer stattfënnt, ass net ëmmer dat, wat am Liewe stattfënnt. Datselwecht gëllt och fir Videospiller. Gewaltverherrlechung, Pornographie, Rassismus si Geforen, déi fanne sech och a Filmer erëm. Dat ass net d'Liewen. Duerfir sinn d'Eltere gefuerdert, duerfir ass d'Schoul gefuerdert, duerfir ass d'Gesellschaft gefuerdert fir de Mannerjähreger ze erklären, datt dat och net esou soll stattfannen, datt se sech net dorunner sollen inspiréieren. An hei mussen natierlech weider Initiative geholl ginn, wéi dat och ass bei anere Geforen, deenen déi Mannerjähreger kënnen ausgesat ginn, wéi zum Beispill den Alkohol.

Här President, dës gesot, wëll ech lech matdeelen, datt déi parlamentaresch Kommissioun de schrëftleche Rapport eestëmmeg e Méindeg virun aacht Deeg ugeholl huet.

Här President, erlaabt mer awer a mengem perséinlechen Numm hei, net zu dësem Projet de loi, mä am grouse Ganzen en violation vun eise Règlement d'ordre intérieur - an de President vun där Règlements-kommissioun wäert mer dat erlazen -, fir e puer Wieder un lech ze richten.

Ech wollt lech fir d'éischt soen, datt et elo meng lescht Ried ass. Et ass elo kee Secret. Et ass meng lescht Ried hei an dësem Haus. Déi éischt, déi ech gehalen hunn, war gradesou spannend wéi déi lescht.

(Hilarité)

Déi Éischt goug ëm d'Opposabilitéit vu Clause de réserve de propriété en cas de faillite. Ech kann lech soen, dat huet d'Leit vläicht heibannen net beegeschtert, dat huet vläicht d'Journalisten och net beegeschtert. Ech wëll lech awer soen: Ech ka mer gutt virstellen, datt dat ville Leit gehollef huet, besonnesch a Krisenzäiten, wa se e Gesetz haten, wou se awer nach konnten hire Bien zrëckkréien, wou d'Gesellschaft do de Keefer awer Faillite gemaach huet.

Ech wollt lech och soen, ouni wëllen hei an e rise Pathos ze verfalen oder esou auszegesinn, wéi wann hei eng Oscarpräisverleihung wor a jiddwerengem muss Merci gesot ginn, datt et mer eng Eier wor a besonnesch eng grouss Freed, fir President vun der Commission juridique ze sinn. Et war keng einfach Aarbecht. Et ware keng einfach Memberen.

(Hilarité)

Awer alleguerten, all déi Projet-de-loien, déi vläicht net alleguerten esou an der Öffentlechkeet diskutéiert goufen, hu mer an der Kommissioun analyséiert an dacks genuch amendéiert. Mir hu souguer op Plaze vun engem Komma geschwat, wéi dat beim Projet de loi iwwert den Handelsregister de Fall wor.

An all déi Projetë mat deenen zwee groussen Orientéierungsdebatten iwwert d'Sécurité intérieure vu bal zwee Joer an iwwert d'Inspection générale de la Police vun e puer Méint, sinn alleguerten esou e kleng Bausteen, deen zur Gestaltung a Moderniséierung vun eiser Justiz bäigedroen huet.

D'Justiz ass e permanente Chantier, wou een net ka soen: Elo hu mer eist gemaach, elo kënnen mer fir zwee, dräi, véier Joer ophalen. Et muss ëmmer weider dru geschafft ginn. Dat mécht ee scho säit 200 Joer. Ech wëll just dobäi soen: 2004 huet de Code civil 200 Joer gefeiert. Et ass vläicht ville Leit net opgefall, mä de Code civil ass nach ëmmer déi Grondlag, op där eist zivil Rechtssystem opgebaut ass.

Ech wollt all de Leit an der Kommissioun Merci soen, dem Sekretär och. Deen hat net ëmmer eng einfach Aarbecht, fir eis Amendementer op Pabeier ze bréngen.

Ech wollt awer och dem Här Justizminister a senger Mataarbechter Merci soen. Den Här Justizminister war net ëmmer mat eis eens. Mir waren och net ëmmer mam Justizminister eens. Mir waren och net ëmmer ënner eis eens. Mir waren och net ëmmer mam Statsrot eens, an den Här Statsrot war net ëmmer mat eis eens.

Mir hunn eis awer plus ou moins och kéinten duerchsetzen, well d'Chamber jo eben den éischte Pouvoir an dësem Land ass a well mer e Justizminister haten, deen net nëmme eis Ried an Äntwert stoug op punktuellen, ganz technesche Froen. An ech mengen, datt ass net an all Land esou, datt e Justizminister ouni Mataarbechter kann op déi Froen esou perfekt äntwerten, mä en huet awer och konstruktiv mat eis geschafft an eis berode mat senger Mataarbechter, fir datt mer en Text kënnen ausschaffen, dee vläicht net déi éischt Titelsäit vun den Zeitunge mécht, mä awer fir d'Jus-

**Mardi,
10 mars 2009**

tiz fir dee permanente Chantier hëllefträich ass.

Ech wollt lech Merci soen. An zum Schluss wollt ech zwou Saache soen: Menger sidd Der awer nach ëmmer net lass. Muer ass Mëttwoch. Mëttwoch um 9.00 ass d'Commission juridique, déi ech nach eng Kéier wäert de grouse Plëséier hunn ze presi-déieren. An zweetens, dat Wichtegst vläicht an deem Ganzen: Vergiesst net, dëse Projet de loi ze stëmmen.

Ech soen lech Merci.

(Hilarité)

» **Plusieurs voix.** - Très bien!

» **M. le Président.** - Merci, Här Rapporteur. Huet nach een eppes zu dësem Projet ze soen? Madame Flesch, wann ech gelift.

Discussion générale

» **Mme Colette Flesch** (*DP*).- Här President, ech wëll ganz kuerz eppes zu deem Projet soen, deen d'Transposition ass vun enger Direktiv an deen de Besoinë vun de Leit, déi dovunner ofhänken, entgéintkënn. Ech mengen, de Rapporteur huet zu deem Projet alles gesot, wat ze soe wor. An ech wëll direkt soen, dass mer dee Projet de loi wäerte stëmmen.

Ech hu ganz besonnesch d'Wuert gefrot, well den Här Rapporteur ons gesot huet, dass haut wahrscheinlech déi leschte Kéier wär, wou e géif an dësem Haus zu engem Projet Stellung huelen. An ech wollt him am Numm vun onser Fraktioun an a mengem perséinlechen Numm villmools Merci soe fir déi kompetent an - wéi soll ech soen? - of-fen Aart a Weis, wéi en déi Commission juridique geféiert huet.

Mir wossten, dass wa mer eppes um Häerz haten, wann an deem Projet eppes ons net gefall huet, dass een dat konnt soen an dass d'Argumenter géife Gehéier fannen. Ganz oft hu mer an där Kommissioun Amendementer ugeholl - an de Rapporteur huet kuerz drop ugespillt -, déi vläicht dem Minister oder dem Conseil d'État net onbedingt esou gefall hunn, mä mir woren ons an der Kommissioun eens, dass ee sollt op dee Wee goen.

Fir seng Ouverture d'esprit, fir déi Kompetenz, fir déi Gentillesse, fir dat Verständnis, mat där en d'Aarbechte vun der Commission juridique geféiert huet, wëll ech dem Patrick Santer villmools Merci soen an em vill Succès a vill Chance wënschen a senger neier wichtiger Funktioun.

» **Une voix.** - Très bien!

» **M. Xavier Bettel** (*DP*).- Ech schlësse mech de Wieder vun der Madame Flesch un, Här Santer.

(Interruption)

Dir wësst, dass et net einfach ass.

» **M. le Président.** - Also, ech géif denken, mir sollen d'Saachen hei elo emol net duercherneewerfen. Mir sinn amgaang de Moment de Projet ze diskutéieren, deen den honorabelen Här Santer ons elo just presentéiert huet. Ech géif froen: Wie wëllt zu deem Projet de loi d'Wuert ergräifen? Fänke mer fir d'éischt emol u mam Här Berger. Här Bettel, soll ech lech aschreiwen?

» **M. Eugène Berger** (*DP*).- Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, ech wëilt och hei nach eng Kéier ganz speziell dem Rapporteur Merci soe fir déi Aarbecht, déi en hei zu dësem Dossier gemaach huet. Ech kennen en nëmmen aus där Kommissioun, an ech muss och do dat bestätegen, wat d'Colette Flesch gesot huet, dass mer hei e ganz kompetente Member an der Chamber haten. An ech wënschen him och vun dëser Plaz aus alles Guddes fir déi nei Erausfuerderung, déi en da wäert elo ugoen.

Zréck zum Projet de loi, dee mer hei diskutéieren. Ech mengen, mir sinn eis eens, dass et noutwenneg war dee Projet de loi, oder dat Gesetz villméi vun 1922 ze iwwerschaffen, éischstens well an deene leschte Joren d'Praxis net méi konform war zu deem Gesetz. An deem Gesetz vun 1922 stoung, dass am Prinzip kee Jugendlechen ënner 17 Joer dierft an de Kino goen an dass dann eben déi speziell Kommissioun do konnt eng Dispens gi respektiv autoriséieren, dass déi Jugendleche konnten an de Kino goen, mä dass an der Praxis eben och déi spezi-fesch Kommissioun praktesch net méi getaagt huet, net méi hir Aarbecht gemaach huet an dass am Endeffekt d'Kinoexploitantë selwer dat reguléiert hunn.

En zweete Punkt ass awer och deen, dass mer eis eens sinn, dass mer musse besonnesch an der Optik vum Jugendschutz hei awer eppes maachen, Dispositiounen virge-

sinn, a kucken déi Jugendleche ze schützen viru Filmer, déi net appropriéiert si fir hiren Alter.

Hei ass op där enger Säit eng Noutwendeg-keet gewiescht, dat aalt Gesetz ze iwwerschaffen, an op där anerer Säit awer och gutt Virsätz, déi ee sech geholl huet, nämlech de Schutz vun de Mineuren, fir nei ze légiféréieren.

De Projet de loi ass explizéiert ginn en dé-tail, mä et muss ee sech awer trotz deene gudden Ofsiichten e puer Froe stellen, wéi sënnavoll an effikass dëse Projet de loi am Endeffekt ass an deem Gesamtkontext vum Jugendschutz, wou ech e géif situéieren.

De Projet de loi, dee gesäit jo elo vir, dass d'Kinosbedreiwer selwer sollen d'Aklasséieren an déi verschidden Alterskategorien maachen. Si referéiere sech do zum Deel dann op dat, wat se aus dem Ausland kréien oder wat schonn am Ausland gemaach ginn ass. An d'Diskussiounen fänke jo gewéinlech dann do un, wann deeselwechte Film a verschiddene Länner verschidden aklasséiert ginn ass, well mer do och dann an Europa verschidde Systemer hunn.

Mir hunn éischter op där enger Säit den däitsche System mat der freiwilligen Eigenkontrolle. Am Franséischen hu mer de System vu staatleche Kommissiounen, wou dann awer emol fir een an deeselwechte Film dann d'Kategorien, wou kann den Alter, wou déi Jugendleche kënne kucke goen, net ëmmer deeselwechten ass.

Et ass insgesamt e schwierigen Exercice fir esou Limitë festzeleeën. Och wann een elo aus der Siicht vun engem Entwicklungspsycholog dat Ganzt géif analyséieren, gëtt et keng allgemeng gültig Regeln. Jugendlecher mat 15 Joer sinn zum Beispill net al-leguerten op deeselwechte Punkt vun hirer Entwécklung ukomm. Deem enge kéint een eventuell esou e Film zoumudden, deem aneren net.

En anere Punkt, deen ech wëll opwerfen, ass dee vun der Responsabilitéit. Laut dem Gesetzestext, dee mer hei da wäerte stëmmen, läit déi praktesch exklusiv op de Schëllere vun de Kinosexploitanten. Si leeën dann d'Kategorie fest, si mussen dann awer och kontrolléieren, ob et agehale gëtt, a si sinn och déi Eenzeg déi herno kënne stroferechtlech zur Verantwortung gezu ginn. An et ass och scho virdru gesot ginn: Misst een hei net awer och déi Jugendleche selwer, respektiv dann hir Elteren, déi jo responsabel fir si sinn, soulaang se mannerjähreg sinn, iergendwéi kënne mat-responsabiliséieren? Dat ass eppes, wat awer hei an dësem Text net gemaach ginn ass.

Et muss een och soen, dass an der Praxis d'Kontrolle vun den Exploitanten och net einfach sinn, wann een ebe weess - et ass jo hei elo am Gesetz ageschriwwen -, dass op där Plaz, wou den Ticket verkaf gëtt, kontrolléiert gëtt. Mir wëssen awer wéi d'Kinoen infrastrukturméisseg hei zu Lëtzebuerg, a wahrscheinlech och an deenen anere Länner, fonctionnéieren: Et huet een eng Haaptkeess, wou ee säin Ticket hëlt, an da geet ee weider an et huet een da gewéinlech no där Entrée Accès op dräi, véier verschidde Säil, wou net méi kontrolléiert gëtt, esou dass dat also an der Praxis och net evident ass fir déi am Kino, fir dat ze organiséieren.

Ee Punkt oder eng Problematik, déi och net hei an deem Gesetz geléist gëtt, dat ass déi Fro vun deem méi generelle Schutz vun de Jugendleche vis-à-vis vu Biller, vu Filmer, vu Szenen, déi net fir hiren Alter sinn. An et ass jo och esou, dass een haut praktesch all Film kann als DVD kafen. Op den DVDDe sinn oft keng Alterskategorien agedroen. Dat gëtt och net an de Geschäfte kontrolléiert, wann do e Jugendleche vu 14 Joer e Film, en DVD keeft, ob deen am Kino vläicht eréischt mat 16 oder mat 18 zougänglech war.

Et kann een haut och ouni Problem - do kënnen déi Jonk eis dat weisen, well mer et selwer net wëssen - Filmer legal oder manner legal vum Internet eroflueden, ier e scho praktesch an de Kinoen ass. Dat gëtt och ganz oft gemaach. Nëmme fir ze soen, ze illustréieren, dass et haut méiglech ass, an der moderner Mediawelt, fir Filmer och op anere Plaze kënnen ze kafen, ze kucken, ouni mussen an de Kino ze goen, an dass een do guer keng Emprise dorobber huet.

Datselwecht gëllt virun allem och fir eng Rei Videospiller, wat zwar elo net esou direkt an de Kontext hei vum Gesetz passt, mä ech menge grad do, besonnesch bei de Videospiller, ginn et jo, besonnesch wann een och déi Aspekter vu Gewalt kuckt, eng ganz Rei schlecht Produkter, wou mer awer hei zu Lëtzebuerg keng kloer Regulatiounen hunn a wou mer also och do weineg kënne kontrolléieren.

Duerfir huet een dann och e bësschen d'Gefill, dass d'Regierung sech hei am Domän vum Jugendschutz virun de reelle Problemer dréckt respektiv do nach keng Solutiounen fonnt huet. An ech komme schonn esou lues zum Schluss. Den Nico Simon, dee jo e bekannte Kinosbedreiwer ass, bréngt déi Problematik am Fong geholl am „Lëtzebuerger Land? vum 20. Februar op de Punkt, wou e seet - ech zitéieren dat elo hei op lëtzebuergesch: „Ech fäerten, dass d'Politik eis benotzt, fir soen ze kënnen, dass se mat dësem Projet de loi eppes fir de Schutz vun de Mineurë gemaach huet, mä dass dat awer in concreto net de Fall ass.“

Här President, mir wäerten dëst Gesetz natierlech stëmmen. Mä mat dëse puer Remarquë wollt ech awer och soen, dass mer weiderhin hei zu Lëtzebuerg gefuerdert si fir Solutiounen ze fannen an deem grouse Beräich vum Jugendschutz.

Ech soen lech Merci.

» **Plusieurs voix.** - Très bien!

» **M. le Président.** - Den honorabelen Här Adam ass den nächste Riedner.

» **M. Fernand Diederich** (*LSAP*).- Här President, et ass fir d'éischt u mir.

» **M. le Président.** - Oh pardon. Mer fueren der Rei no, entschëllegt Här Diederich. Den Här Diederich huet d'Wuert.

» **M. Fernand Diederich** (*LSAP*).- Här President, et ass dem exzellente Rapport vum Rapporteur Patrick Santer näischt méi derbäizefügen. Ech wëll him Merci soe fir den exzellenten, kompletten, explizite Rapport, an och Merci soe fir déi gutt Zesummenaarbecht, déi mer an all de Kommissiounen haten, wou hie Member war.

Merci.

» **M. le Président.** - Den Här Adam huet d'Wuert.

» **M. Claude Adam** (*DÉI GRÉNG*).- Merci, Här President, ech gesinn nach ëmmer den Här Diederich. Merci, elo ass hien och net méi op mengem Riednerpult hei. Ech wëll dann och dervu profitéieren, fir dem honorabele Rapporteur Patrick Santer Merci ze soe fir säi Rapport, deen an där gewinnter Aart a Weis erëm perfekt war. Esou wéi mer en eben déi ganzen Zäite kennegeléiert hunn, a mir wäerten dann och als gréng Fraktioun him nach eng Kéier Merci soen an hien da mat Bedauere mës-sen.

Ech wëll et kuerz maachen. Dat meescht, wat ech soen, ähnelt vill deem, wat den Här Berger gesot huet. Ech hunn och déiselwecht Lecture gehat wéi den Här Berger. Ech mengen awer, dass et derwäert ass, quitte dass et ee klenge Projet de loi ass. En erlaabt awer eng Rei méi allgemeng Iwwerleeungen, an déi wëll ech dann am Numm vun der grénger Fraktioun hei virdroen.

Mat dem Gesetz vun haut léise mer dat aalt Gesetz vun 1922 of, dat den Zougang zu de Kinosvirféierunge geregelt huet. Fir d'éischt emol hu mer 2009 vill méi eng liberal Approche zu der Matière wéi viru bal 90 Joer. 1922 war den Zougang zu Kinosvirstellungen am Prinzip verbuede fir Mënschen ënner 17 Joer, haut ass den Zougang an de Kino am Prinzip fir all Mënsch erlaabt. Den Artikel 1 léisst a senger kuerzer, präziser Ausso näischt ze wënschen iwwreg, an de Patrick Santer huet och erkläert, firwat mer dat esou kuerz formuléiert hunn.

Den Artikel 2 schränkt dës Fräiheet natierlech e bësselchen an. Dat schéngt eis och logesch ze sinn, well och wa mer den Erwuessene mussen d'Recht zougestoen, ob se wëlle Filmer kucken „comprenant des scènes de pornographie ou de violence gratuite“, déi eventuell hirem „épanouissement physique, mental ou moral“ kënne schueden, esou verlaangt de Jugendschutz e puer Restriktiounen.

Schued ass, dass ee Kand vun zéng Joer ganz oft mengt fir hie wiere just Filmer, déi ab zwielef klasséiert wieren, interessant, an déi ab sechs Joer wiere just fir Puppelcher. Ech fannen et wierklech bedauerlech, an net emol onbedéngt well ee Kand, wat ee Film kuckt deen iwwert seng Altersgrupp agestuuft ass, grouse Schued leit, mä villméi well d'Bereetschaft sech op ee Film anzeloossen, dee fir seng Alterskategorie geménzt ass, a priori net méi do ass an erëm muss nei geschaf ginn.

An hei sträife mer dann och de Beräich Medienerzéiung a Mediepedagogik, wou mer zwar an dat neit Schoulgesetz geschriwwen hunn, et géif an d'Schoul gehéieren, mä wou d'Regierung awer bis elo weder konkret Mesuren ze erkenne ginn huet fir dat ze maachen, nach eng Strategie entwéckelt huet, wéi een op dësem wichtige Punkt

misst virgoen. A grad just dës Inaktivitéit um wichtigen Terrain vun der Medienerzéiung oder Mediekompetenz vun eise Kanner a Jugendleche weist och wéi onspektakulär dëst Gesetz, wat mer haut stëmmen, eigentlech ass.

Am Exposé des motifs steet ee Saz, dee soll ënnersträichen, dass mer dat Gesetz, wat mer haut diskutéieren - d'Gesetz, wat den Zougang zu de Kinosvirstellung reglementéiert -, dringend brauchen. Hei steet: «Il est évident que la situation telle qu'elle existe aujourd'hui au Luxembourg ne peut pas perdurer.» Mir sinn och der Meenung, dass et net gutt ass, wann een op esou schwaache legale Féiss steet wéi mam ale Kinosgesetz vun 1922.

Et ass och schonn hei gesot ginn, eng Kommissioun sollt den Zougang regelen, mä dës Kommissioun hat scho viru Joren d'Luuchten uitgemaach an de Schlëssel un d'Dier gehaang. Dass et dann tëschent dem Dépôt vum Gesetz an dem Vote hei an der Chamber nach 20 Méint brauch, dat weist wéi relativ den Ausdrock „une situation ne peut pas perdurer“ ass. Mir sinn al-lerdéngs net der Meenung, dass den Zougang zu de Kinoen déi grouss Erausfuerderung ass, an dass grad just déi Situatioun déi ass, déi am dréngendste muss änneren.

Mir sinn der Meenung, dass de Saz „la situation telle qu'elle existe aujourd'hui au Luxembourg ne peut pas perdurer“ villméi op d'Inaktivitéit vu gläich e puer Ministèren, wat d'Mediekompetenz bei eise Kanner a Jugendlechen ugeet, zoutréfft. Mir deelen och d'Meenung vun engem Verantwortleche vun der Utopia S.A., zumindest steet seng Meenung esou an engem ganz interessanten Artikel am „Lëtzebuerger Land“, wou den Här Berger scho geschwat huet, dass d'Politik hei d'Kinoen als Alibi hëlt, fir kënnen ze soen: „Mir hunn eppes gemaach, wat d'Protektioun vun de Mannerjähregen ugeet.“

Dee Mann weist nämlech zu Recht drop hin, dass déi Leit, Kanner, Jugendleche an Erwuessener, déi e Film am Kino entdecken, eng absolut Minoritéit si par rapport zu deenen, déi Filmer op der Tëlee, op DVD oder Internet kucken. Et ass jo och wierklech méi einfach de Kinosbesuch ze reglementéieren, d'Verantwortung fir d'Anhale vun de Regeln de Kinosbedreiwer opzeerleeën, wéi eng konsequent an nohaltig Medienerzéiung an eise Schoulen opzebauen an duerchzéféieren.

Mir fannen et ganz an der Rei, dass den Organisateur de Klassement vun de Filmer muss affichéieren, wéi et am Artikel 3 steet. Mir sinn och der Meenung, dass een de Kinosbedreiwer net aus der Verantwortung kann huelen, wie wéi ee Film kucke geet. Mir sinn eis awer bewosst, dass, wann dëst Gesetz dann net nëmme soll votéiert, mä och applizéiert ginn, eigentlech munches am Beräich Zougang zu de Kinossäll misst anescht organiséiert ginn. Ouni wëllen d'Kinosbedreiwer aus hirer Responsabilitéit ze huelen, fanne mer et eigentlech erstaunlech, dass d'Elteren an déi Jugendleche selwer net mat Konsequenze vun engem eventueller Feelverhale konfrontéiert sinn. Dat ass eng Pädagogie, déi ech schwéier kann no-vollzéien.

D'Strofe fir d'Kinosbedreiwer kënne bis 25.000 Euro sinn. Bei Widderhuelungstäter kann d'Strof souguer verduebelt ginn. Dat Kand, dat per force ee Film wëllt kucke goen, deen net fir hatt geduecht ass, därerf dat all Dag e puermol probéieren. Do gëtt et keng Konsequenze fir hatt selwer an och net fir déi Erzéiungsberechtigt. Am Artikel 5 steet souguer, dass déi Persoun, déi den Zougang zum Kino regelt, jiddwerengem den Zougang verwiere misst, dee säin Alter net ka beleen. Dat wäert och net esou einfach sinn an der Praxis duerchzéféieren.

Bleift nach den Artikel 6, wou eng Iwwerwaachungskommissioun fir d'Klassifikatioun vun de Filmer agesat gëtt. Mir wëssen eigentlech näischt iwwert dës Kommissioun, stëmmen also e bëssen d'Kaz am Sak, well alles eréischt iwwer Règlement grand-ducal festgeluecht gëtt. Dat ass net gutt. Ma eis Angscht virum CSV-Stat ass net méi esou grouss...

» **Une voix.** - Ooohhh!

» **M. Claude Adam** (*DÉI GRÉNG*).- ...an eis Angscht virum ADR-Stat ass nach net esou grouss, datt mer elo direkt staatlech Zensur richen. Déi Kommissioun wier jo wierklech gutt beroden, wa se sech géif konsequent un d'Klasséierung vun engem groussen auslännesche Filmdéngscht halen.

Duerfir kann ech och elo schonns oder nach ëmmer déi Froe stellen, déi den honorabelen Här Félix Braz schonn am Mäerz 2005 zu der aler Iwwerwaachungskommissioun gestallt huet: Wéi ass d'Zesummesetzung vun dëser Iwwerwaachungskommissioun? Wéi soll déi konkret schaffen? Op wéi enge Kritäre baséiert se hir Aarbecht? Kann een d'Décisïoune vun där Kommissioun als interesséierte Bierger och suivéieren?

Här President, déi gréng Fraktioun ass der Meenung, datt dëst Gesetz eng Verbesserung ass par rapport zum Gesetz vun 1922. Dës Regierung huet sech d'Lat awer net extra héich gesat. Mir droen dëst Gesetz mat, weisen awer dorop hin, datt am Beräich vun der Medienerzéiung - an dat ass eiser Meenung no déi allerwichtigst Measure, déi an dësem Kontext ze huelen ass, net nëmmen, mä awer och am Kader vum Jugendschutz - an dëser Legislaturperiod näischt geschitt ass.

Mir vermëssen nei Akzenter bei der Presse à l'École. Mir waarden op dee scho laang ugekënnegte Mediekoffer fir d'Schoulen. Mir hu Kenntnis vun deene villen eenzelne positiven Initiativen am Medieberäich. Mir waarden nach ëmmer op eng global Strategie, wéi mir eis Kanner mediekompetent maachen an domadder hinnen Hëllef mat de Medien ëmzegoen a sech selwer virun de Medien ze schützen.

Ech soe Merci.

» **Plusieurs voix**.- Très bien!

» **M. le Président**.- Merci, Här Adam. D'Wuert huet elo d'Regierung. Ah pardon, pardon, den Här Gibéryen!

» **M. Gast Gibéryen** (*ADR*).- Merci, Här President. Ech wollt och vun eiser Säit aus dem Rapporteur Merci soe fir dëse Projet. Ech mengen, meng Virriedner hu praktesch alles gesot, wat ee kann zu dësem Projet soen. Duerfir wëll ech d'Zoustëmmung vun eisem Grupp zu dësem Projet bréngen.

Net awer ouni dem Kolleeg Patrick Santer och am Numm vun eisem Grupp Merci ze soe fir déi flott Zesummenaarbecht, déi mir mat him hei an der Chamber haten. Ech mengen, hien ass wierklech e Mann vu Kompetenz. Dat huet e méi wéi eng Kéier bewisen an all deenen Dossieren. Hien ass ee vun deenen Deputéierte gewiescht, kann een elo scho bal soen, déi ganz dacks där komplizéierter Dossieren unhuelen, déi vläicht net no bausse spektakulär wierken, mä déi awer dach, wat d'Matière ubelaangt, ganz komplizéiert a mat vill Aarbecht verbonne sinn. An dat huet e meeschterhaft gemaach. Duerfir vun eiser Säit aus eise Merci un hien.

Hie war och bei eis an der Reglements-kommissioun Vizepresident. Och do wëll ech him speziell Merci soe fir seng gutt Bäiträg an Hëllef, déi en op deem Niveau bruecht huet. Mir wënschen him och vun eiser Säit aus vill Chance a sengem neie Berufslie-wen.

» **Une voix**.- Très bien!

» **M. le Président**.- Merci, Här Gibéryen. Dann huet d'Regierung d'Wuert, d'Madame Statssekretärin Octavie Modert.

» **Mme Octavie Modert**, *Secrétaire d'État à la Culture, à l'Enseignement supérieur et à la Recherche*.- Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, et ass déck Zäit gi fir dëst Gesetz, well dat aktualiséiert nämlech dat veraalte Gesetz vun 1922, wat net méi ugewant ginn ass, an et legaliséiert déi bestehend Praxis. Mat dësem Gesetz sinn d'Kinoen an d'Kinosbedreiwer net méi an der Grozon respektiv mat hirer Praxis net méi an der Illegalitéit, well nom Gesetz vun 1922, dat ass scho gesot ginn, ass jo am Prinzip all Jugendlechen ënner 17 Joer onerlaabt am Kino haut. Et ass also héich Zäit ginn, fir den Text méi realistesch ze gestalten.

Ass et um Kulturministère, fir dat ze maachen? Net onbedéngt. Awer Haaptsaach, et mécht een et. An esou hunn ech am Juni 2007 dëst Gesetz déposéiert. Ass dat hei, also de Kino an d'Filmvirfëierungen, deen

Chambre des Députés

Compte rendu officiel

Supplément commun aux quotidiens:

Luxemburger Wort, Tageblatt, Lëtzebuerger Journal, Zeitung vum Lëtzebuerger Vollek

Contenu rédactionnel:

Service du compte rendu de la Chambre des Députés
Service des relations publiques de la Chambre des Députés
Tél. 466 966-1

Conception, saisie de texte et mise en page:

Polygraphic Communication SA, Differdange

Concept et coordination générale:

BRAIN & MORE, agence en communication, Luxembourg

eenzege Beräich, wou iwwert den Zougank vun de Jugendlechen zu Filmer an also iwwer Jugendschutz soll geschwat ginn? Neen, och net.

Natierlech net! Well et gëtt jo och aner audiovisuell Medien a Supporten. An dofir huet d'Regierung och den Ombudscomité fir d'Rechter vum Kand mat engem Avis beoptraagt. Deen Avis ass nach net do, mä et ass jo och eng komplizéiert Matière. Ausserdeem gëtt et an der EU Virstéiss fir eng Aklässéierung vun DVDen an esou weider. Och do kann ee sech herno dann inspiréieren.

Hätt een, well deen Avis nach net do ass, dofir dëst Gesetz net oder nach net maache sollen? Neen, dat mengen ech net. Ganz am Géigendeel, well haut sinn d'Kinoe wéi gesot an der Illegalitéit, an dat gëtt elo endlech geännert.

D'Kinosbedreiwer a Filmverantwortlecher brauche sech dofir och net ze bekloen, wéi dat elo e puermol zitéiert ginn ass. Well dëst Gesetz kënnt hinnen entgéint doduerch, datt hir Praxis Gesetz gëtt. Hir Praxis gëtt Gesetz. De System vun der Autorégulatioun bleift bestoen, well et ass e rapiden an e flexibele System. An elo ass et net méi wéi mam Gesetz vun 1922 eng A-priori-Autorisatioun, mä et gëtt A-posteriori-Stéchprouwe respektiv -Kontrollen. Dat duerch eng onofhängeg Kommissioun fir d'Klassifikatioun vun de Filmer. Déi Interventioune sollen awer och d'Ausnahm bleiwen an net d'Regel sinn an einfach gehandhaabt ginn.

Sidd lech sécher, dat ass a soll an därerf keng Zensur sinn a ginn. Ech sinn iwwerzeegt dervun, datt iwwer 99% vun de Filmer an hire Klassifizéierung kee Problem wäerten opwerfen.

Den neie Regime ass jo deen, datt prinzipiell den Zougank zu de Filmer fräi ass, egal fir wéi een Alter; mä jee no Inhalt vun de Filmer - Gewalt, Diskriminatioun, Saachen, déi Kanner a Jugendlecher schwéier verschaffe kënnen - musse Restriktioune gemaach gi vum Organisateur, an zwar no véier Alterskategorien.

Do kann den Organisateur hei zu Lëtzebuerg sech ganz einfach un der Aklässéierung vu Filmer am Ausland, an eisen Nopeschlännern inspiréieren. An et ass evident, datt dës Astufungen duerch den Organisateur net d'Eltere vun hirer Verantwortung entbannen. Déi bleift ëmmer parallel iwwer hir Kanner bestoen. Mä de Kinosbedreiwer an den Organisateur kann an därerf sech awer och net hannert den Elteren hirer Verantwortung verstoppen. An ech sinn iwwerzeegt an ech weess, datt si hir Aufgab seriö huelen am iwwergeuerdneten Interessi.

Dëst Gesetz ass, am Géigesaz zu deem, wat hei vu verschiddene Riedner gesot a gefaart ginn ass, keng Penalisatioun vun den Organisateuren vu Filmvirfëierungen, mä eng Hëllef fir se, well jo hiren aktuelle System legaliséiert gëtt. An et geet hei net drëm, fir se ze stigmatiséieren, esou wéi si dat dohier soe ginn, mä et geet ëm déi néideg Moosnamen am Interessi vun engem wuelverstanene Jugendschutz. Mir si mat dësem Gesetz endlech am heitege Kinoszäitalter ukomm. An ech mengen, dat war wichteg a ganz héich Zäit ginn.

Ech sinn dofir frou, déi eestëmmeg Zoustëmmung vun der Chamber kritt ze hunn. Dofir wëll ech och dem Rapporteur

Patrick Santer en häerzleche Merci soe fir säi Rapport, a ganz besonnesch och am Numm vun der Regierung fir all déi Aarbecht, déi e während laanger a viller Zäit hei ëmmer mat ganz vill Rou a mat ganz vill Kompetenz geleescht huet. Dat wäert eis nach dacks feelen.

Merci villmools.

» **M. le Président**.- Merci, Madame Statssekretärin. Dir Dammen an Dir Hären, mir kommen dann zum Vote vun dësem Projet do loi.

Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel

De Projet de loi 5734 ass ugehall mat 59 Jo-Stëmmen.

Ont voté oui: Mmes Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, M. Lucien Clement, Mmes Christine Doerner, Marie-Josée Frank, Fabienne Gaul, MM. Marcel Glesener, Norbert Hauptert (par M. Marco Schank), Mme Françoise Hetto-Gaasch, MM. Ali Kaes, Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Patrick Santer, Marcel Sauber, Jean-Paul Schaaf, Marco Schank, Marc Spautz, Mme Martine Stein-Mergen, MM. Fred Sunnen, Lucien Thiel (par Mme Martine Stein-Mergen), Lucien Weiler et Michel Wolter;

MM. Marc Angel, Alex Bodry, John Castegnaro, Mme Claudia Dall'Agnol, M. Fernand Diederich, Mme Lydie Err, MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein (par Mme Claudia Dall'Agnol), Mme Lydia Mutsch, MM. Roger Negri, Jos Scheuer, Romain Schneider, Roland Schreiner (par M. Roger Negri) et Mme Vera Spautz (par M. Alex Bodry);

MM. Eugène Berger, Xavier Bettel, Mme Anne Brasseur (par M. Xavier Bettel), M. Fernand Etgen, Mme Colette Flesch (par M. Claude Meisch), MM. Charles Goerens, Paul Helminger (par M. Alexandre Krieps), Alexandre Krieps, Claude Meisch et Carlo Wagner;

MM. Claude Adam, François Bausch (par M. Claude Adam), Félix Braz, Camille Gira, Jean Huss (par Mme Viviane Loschetter), Henri Kox et Mme Viviane Loschetter;

MM. Gast Gibéryen, Jacques-Yves Henckes, Jean-Pierre Koepp et Robert Mehlen.

Gëtt d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Dann ass et esou decidéiert.



9. Hommage à M. Patrick Santer

Dir Dammen an Dir Hären, erlaabt mer, no-deems dass déi eenzel Fraktiounen schonn hei Stellung geholl hunn, dass ech awer am Numm vun der ganzer Chamber dem Patrick Santer, dee mer gesot huet, dass e mer muer de Mëtteg seng Démissioun als Member vun dëser Chamber géif iwwerreechen, am Numm vun lech alleguerten en häerzleche Merci soe fir säin Asaz, seng Kompetenz, et ass schonn ënnerstrach ginn, och säi Fläiss, deen e während laange Joren an dësem Haus un den Dag geluecht huet.

En huet am Fong geholl am beschte seng Aktivitéit selwer virdru resuméiert, wéi e gesot huet, déi lescht Ried, déi en hei gehal huet, wär esou spannend gewiescht wéi déi éischt, déi en an dësem Parlament gehal huet. De Patrick Santer war en Deputéierten, deen net de Fanger fir d'éischt ausgestreckt huet, wann et ëm Projeté gaang ass, déi publikumswierksam no bausse waren, mä en huet ëmmer de Fanger ausgestreckt, wann et sech ëm schwierereg, technesch Dossieren a Projeté gehandelt huet, déi an der Commission juridique an an aneren zur Diskussioun stoungen. An ech mengen, en huet am Laf vun deene Joren heibannen eis e gutt Beispill ginn, wéi een als Deputéierte kann op eng effikass an eng kompetent Aart a Weis mat schwierregen Dossieren ëmgoen, och als President vun der Commission juridique.

Ech si frou, datt och d'Madame Flesch do-robbier insistéiert huet, dass an der Commission juridique, wat jo ee vun de Piliere vun de Kommissiounen vun dëser Chamber ass, et net esou séier ëm parteipolitesch Taktike geet, mä datt déi Kommissioun duerch d'Bank zesumme versicht, fir déi beschte Solutiounen ze fannen - och wann dat net ëmmer der Regierung an de Krom passt. An ech mengen, déi vill amendéiert Texter, déi am Laf vun deene leschte Joren och grad just aus dëser Kommissioun komm sinn, bewisen, datt hei ënnert der Leedung vum Patrick Santer vun alle Fraktiounen zesumme versicht ginn ass, eng gutt Aarbecht am Interesse vun de Bierger ze maachen.

Duerfir wëll ech dem Kolleeg Patrick Santer soen: Mir waren houfreg, hien als kompetenten Deputéierten ënner eis ze hunn. Ech wënschen him a senger weiderer Liewensplanung, sougutt am professionnelle wéi am private Liewenslaf, an Ärem Numm alles Guddes fir d'Zukunft.

» **Plusieurs voix**.- Très bien!

(Applaudissements)

» **M. Patrick Santer** (CSV).- Här President, Merci villmools fir déi Hagiografie, déi mer hei matkritt hunn, déi ech och zu menge Liewenszäite matkritt hunn. Normalerweis kritt een esou eng Ried, wann ee verscheet ass.

(Hilarité et interruptions)

Ech hunn eng grouss Eier gehat. Ech hu se elo zu Liewenszäite materlieft. An ech mengen, Äre Successeur, wann et dann esou wäit kënnt - ech hoffe fir mech, datt et esou spéit wéi méiglech ass -, an Äre Successeur dann also déi Ried muss halen, da wäert en et schwéier hunn, fir eng nach besser Ried ze halen.

Ech wëll lech nach eng Kéier Merci soen. Dat wär och völeggen duergaang.

Merci.

» **M. le Président**.- Merci, Här Santer.

Domadder, Dir Dammen an Dir Hären, si mer um Enn vun eisen Aarbechte vun haut ukomm. Déi nächst Sitzung ass wéi gesot en Donneschdeg de Mëtteg um hallwer dräi.

D'Sitzung ass opgehuewen.

(Fin de la séance publique à 17.12 heures)